# Wéi gesäit d’Schoulrentrée vum 15. September aus?

RTL|Update: 04.09.2020 16:20|10 Commentaire(n)




Dat war ee vun de grousse Sujeten am Regierungsrot. Äntwerte gouf et um Freideg vum Educatiounsminister Claude Meisch.

Zënter Mäerz war alles anescht an der Schoul. Et wëll een awer nees Normalitéit an de Schoulbetrib kréien, och wann de konkreete Risk besteet, dass dat nächst ganzt Schouljoer kéint ënnert de Covid-Bedingungen iwwert d'Bün goen, esou de Claude Meisch.

Et wëll een trotzdeem ee komplett Schouljoer offréieren. Et gi **keng Klasse méi nom Schema A a** B. Et gëllen zwee Prinzippien: Normalitéit a Sécherheet. Et hätt een aus de leschte Méint d'Erfarungen, op déi ee sech ka stäipen.

De Minister Meisch fillt sech och confirméiert, dass d'Schoul net déi Plaz ass, wou ee sech am meeschten ustécht.

Et gëtt mat den Acteuren um Terrain de Konsens, dass **Normalitéit a Sécherheet Tromp** musse sinn, och wann warscheinlech Coursen ausfalen a Schüler oder ganz Klassen mussen a Quarantän gesat ginn. **Schoul op Distanz kéint net d'Léisung** sinn.

An deene Schoulen, wou méi Infektioune sinn, wäerten och méi streng sanitär Mesuren gëllen.

Educatioun a Santé wëllen nach méi enk zesummeschaffen.

Fir eng optimal Ofstëmmung gëtt eng **permanent Cellule** an d'Liewe geruff a wann et muss sinn, ginn et Upassungen Dag fir Dag mat der néideger K**ommunikatioun an Transparenz**.

Et setzt een op eng **nei Test-Strategie** mat Tester am Virfeld vun der Schoulrentrée. A Schoulen, déi méi betraff sinn, gëtt och méi getest. Eng Pist ass den Asaz vu mobillen an domadder méi flexibelen Test-Statiounen.

**Maskeflicht bleift d'Reegel bis an d'Schoulbän**k. Och baussent de Klassen, wéi an de Pausen oder Kantinnen, gëllen déi gängeg sanitär Reegelen.

Ee Fokus läit um **systematesche Lëfte vun de Schoulgebaier**

Un d'Elteren ass et den Appell, **Kanner mat eeschte Symptomer doheem ze halen**, mat hinne bei den Dokter ze goen a se testen ze loossen.

Bei de Maisons Relais soll dat aktuellt sanitäert Konzept bäibehale ginn.